

# Eng Klack fir eis Sprooch Nr. 306

## Wat si mir 'dichteg' !

Dat mécht knapps een äis falsch: **Mir hunn déi aussergewöhnlechste Sproochsituatioun vun der Welt.** Et gëtt soss kee Land, wou normalerweis ee vu ronn 15 Joer sech a 4 Sproocher verstännege kann: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch. Et ass alt emol dat, gell' dir ?

Dat ass ower op internationalem Plang net ze ënnerschätzen; méi wéi eng Kéier ass et ewell passéiert, dat e Lëtzebuergesch op ganz héigem Niveau bei zwéi Staatsmänner geruff ginn ass, wann der zwéin sech net verstan hunn. Vun esou Geleeënheeten huet mäi fréiere Chef, den Här Staatsminister Pierre Werner mir méi ewéi eng Kéier verzielt. **Wann de Konrad Adenauer an e franséische Minister sech net richteg 'ausdäitsche' konnten, dann hu si dacks den Här Bech dobäi geruff fir ze dolmetschen.** Och eis Politiker um europäesche Plang wäsen esou Saachen ze verzielen.

Dat ass natierlech keng Onéier...mä et huet och **eng méi 'niwweleg' Sait:** Mir braddele gär jiddereen a senger Sprooch un, bei deem mir en Accent aus dem Däitschen, dem Franséischen oder och Engleschen eraushéieren, esouguer eisen eventuellen Noper; dacks och an der Famill selwer. Dat kann natierlech héiflech wierken, ass ower dolaanscht, wann deen aner Lëtzebuergesch sollt wëlle léieren.

Genee dës Gedankengang - déi et ewell méi dacks hei an der KLACK guff, fanne mir dann an engem Lieserbréif vun der Madame Petra Böwen vu Tréier. Si fénnt eis Sprooch-Uluecht zimlech frustrant...an dat ass vun enger Ausländerin eng sympathesch Saach.

Am selwechte Sënn kann et och net vu Muttwëll sinn, wa mir Leit, déi gär an eis Sprooch erakéimen, op déi sëlliche Bicher fir Grouss a Kleng genge stoussen, deer haut esou vëlleg wéi nach ni an eise Bi-

chebutteker ze fanne sinn. **D'Lëtzebuergesch huet haut Schreiwepweisen, déi et absolutt mat Literaten aus anere Sproochen opheue kënnen:** huet en Nico Helminger, e Jhemp Hoscheit, e Guy Rewenig, e Roger Manderscheid, Claudine Muno, déi ganz Leit aus den Editiounen Binsfeld, Kremart, Revue, asw. Eis geschriwwen Sprooch ass ee Gléck net beim genialesche REENERT stoe bliwwen; och net beim gudden Heemechtskand Michel Lentz a beim flotten Dicks.

**Geschriwwen Sprooch ass nun emol de Réckstrank vu jidder Idiom,** deen domat eng Linn behält, och wann dat net verhënnere soll, dat nei Ausdréck eralafen...ower net muttwëlles deer, wou mir ganz kloer eist Wuert oder méi Ausdréck dofir hunn!

**A jidder Land gëtt et eng, Héichsprooch a sougenannt 'Ënnersprooch/Dialekt';** dat hu mir nun emol och am Lëtzebuergesch. Dat Cliärewer, Ëlwentler, Weelzer, Dikrecher, Iechternoacher, Dauler, Minetts, Miseler, Staadter ass natierlech interessant a sympathesch, ower **dat 'allgemengt' (klasescht?) Lëtzebuergesch fanne mir ongeféier an der geographescher Mëtt vum Land,** ongeféier vun Ettelbréck bis op Dummeldeng...a bei de Schrëftleit, déi hei uewendrun ernimmt sinn...iwregens net 'erwähnt'!

Wa mir 2028 besonnesch un dat 200st Gebuertsjoer vun eisem Sproochpatréiner Michel Rodange denken, da bleift och ze ënnersträichen, dat hien a sengem Renert verschidden Déiere ganz bewusst eng Partie regionaalt a lokaalt Lëtzebuergesch an d'Schnuff an de Schniewel geluecht huet...selwer ower Durchschnittssprooch gebraucht huet... esou wéi och säi beschte 'Stäipert', den Nik. Welter an de René Engelman, zwéi vun eise ganz besonnesch 'helle' Käpp.

## Mir an déi 'aner'

Wat ass et dann 'deemoos', an de 70er Joeren, nodeem den 'Dictionnaire' fäerdeg war, **offiziell fir d'Lëtzebuergesch Sprooch ginn?** Mä guer a glat näischt! Lëtzebuergesch um 'Cours', der Uni? Nach net emol en Dram; en **'Zenter fir d'Lëtzebuergesch'...**mä huet dir se nach all! Am Februar 1971 hu mir dann zu e puer 'Liichtfankeger' dee Veräin gegrënnt, deen zugudderlescht **dee Sproochbam gesat huet, op deem wierklech alles sollt wuessen, wat et haut héich offiziell fir d'Lëtzebuergesch gëtt...** dat kann nun emol net dacks genuch gesot ginn, nom laténgesche Sprooch *repetitio est mater scientiae*, a wourop eis Membre vu gësch an haut mat Recht houfreg waren, sinn a bleiwen.

Haut gesäit dat esou aus: Héich linguistesche-wëssenschaftlech op eiser Uni; wëssenschaftlech Verwierklechung mat eisem 'ommelzegen' Zenter fir d'Lëtzebuergesch Sprooch...a populär (firwat net am verstänneg-gudde Sënn 'populistesche') Aarbecht vun eiser Actioun-Lëtzebuergesch. Mat Parteipolitik hat an huet dat keng Grëtz ze din; grad ewéi d'Däitsch 'doiwwer', d'Franséisch vun der 'Académie' oder d'Englesch vun der BBC kee parteipolitescht Gesiicht hunn.

Ëmfrot iech emol, wéi et war...a vergläicht mat deem, wéi et haut ass. Houfreg? Ma sécher!



20, Conter-Strooss - L-5955 Izeg  
Tel. 47 06 12  
E-Mail: [actioun@letzebuergesch.lu](mailto:actioun@letzebuergesch.lu)  
[lexroth@pt.lu](mailto:lexroth@pt.lu)  
<http://www.actioun-letzebuergesch.lu>

Cotisioun: 20 €

CCPL LU75 1111 0066 4448 0000  
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Comité a Redaktioun:  
Eise Bureau: Claude Bache (President a Caissier),  
Patrick Kaell (Sekretär), Lex Roth (Vizepresident a Redakter)  
\* Utilité publique N° F53 61  
Nächst Klack (Nr. 307): Samschdes, den 4. Januar 2025

## E Merci fir e grouse Jurist

De Gaston Vogel war, wat een esou nennt, **kee ganz Kamouten,** ower ee vun eise beschten Affekoten. Hei soll ower betount ginn, dat den Här Vogel bei sengem perfekte Franséisch e grousst Hä-

erz fir seng Mammesprooch hat. Dat huet hien äis méi ewéi eng Kéier schrëftlech matgedeelt. Dofir soll dat och hei an eiser KLACK mat engem éierleche Merci 'iwwer d'Graw eraus' ernimmt ginn.

## Net dacks genuch...

ka gesot ginn, dat **eis Sprooch hir eege kleng Pied** trëppelt. Si ass nun emol en Identitéitsstéck vun eisem souveraine kleng Staat Lëtzebuerg, de Buedem vun eiser eemoleger Sproochsituatioun; eng germanesch Sprooch wéi Dänesch, Nidderlännesch, Skandinavesch, ower mat engem romaneschem Aschlag, déi et esou soss néierens gëtt. **Am Fong gehol si mir linguistesche eng Zort**

**'Weltmeeschter'.** Baussent den anglophone Länner léiert och keen esou licht Englesch wéi e Lëtzebuergesch mat engem kloer Käppchen, sengem Däitsch a Franséisch, oder? Et ass dann och net vu Muttwëll, wa mir eisen Ausländer aus dem germaneschen a romaneschen Sproochkrees dat ouni falsch Schimmt explizéieren. Deelweis beneiden si äis esouguer dofir.

## Walfer Concours

Fir d'Walfer Bicherdeeg hate mir jo e kleng Concours organiséiert: Et gong drëm, déi zwéin Deeg 6 kuerz Sätz aus eiser Sprooch op Däitsch an op Franséisch ze iwwersetzen: *Dee Kuuschtert ass knéckeg - Kuck, dass de verschwënns - de Bopa ronkt rëm haart - dréck déi Bloder nees op - et reent riicht eran - ech kommen herno laanscht - de Jos ass lues mä lous - du bass ower e Gelungenen - maach dech net sou - d'Luucht ass rëm zou - du hues dech gestouss - trängt lo net rëm.*

Mir haten am Ganze 1 500 Euro als Präissgeld virgesin. Iwwer 50 Leit hu matgemaach. Hei sinn déi Gewënner, déi alleguer 35 vu 36 Punkte kritt hunn, an domat 300 Euro geschéckt kréien. Well déi Saach esou flott ukomm ass, wäerte mir dat anert Joer erëm sou e Spillchen organiséieren:

Monique Simon (Huelmes); Divora Nicole (Monnerech); Moes Jemp (Mamer); DiSantono Albert (Schraasseg); Sabina Brandt (Dideleng) Bravo a merci fir all eis 'Kandidaten!

## Dann iwwerleet emol.

Deene meeschte Leit ass et nun emol net bewusst, dat hirt Lëtzebuergesch wierklech en eegent Gesiicht huet; et gëtt zivil gär/séier gemengt, eisen Idiom wier nun emol, verdréint Däitsch, also 'schlecht Däitsch', wat guer net an deem Mooss stëmmt. Dofir maache mir äis e Spaass draus, mat Beispiller géint déi koppeg 'Mengerei' ze goen. Maacht einfach fir Iech mat: *De Jemp ass e Gelungenen; hie knujelt dacks egal wat a bekäppt selwer glat näischt. - De Papp gëtt nawell gär rosen, wann ech erëm eng komme loossen. - De Mil ass ëmmer hannendra well hien*

*esou trängt. - D'Maisy ass dësdeeg getrollt an huet sech eng Fatzeg ginn. - Gësch hat ech nawell ferm geschluppt an hunn haut eng flappege Bëls. - Wien ëmmer Stupp a Stippche seet, verstoppt gär eppes, wat net geet. - Fläiss dech, da kënnst de matzäit. - Ech kann dee falsche Knaschtert net brauchen. - Du schaffs un enger, géff dech elo. - Ech hunn den Hick a gin en net meeschter. - D'Jéis scharwänzelt do wéi eng Huppegeess. - De Jemp ass e Lousen ower dacks ze lues. - Maach dech séier ënnerdaach, well et gëtt e Wieder. Éierlech: Sidd dir do net e bësse...verwonnt?*

Mir wënschen eise Membren an alle Frënn  
vun eiser Heemechtssprooch...  
wat si sech fir 2025 selwer wënschen!